



Luxembourg, le **26 JUIN 2020**

Réf. QP-34/20 – N°2198

REÇU

Par Christine Wirtgen , 09:49, 26/06/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°2198 du 13 mai 2020 de l'honorable Député Léon Gloden

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON

**Réponse de Madame la Ministre de la Justice à la question parlementaire
n°2198 du 13 mai 2020 de l'honorable Député Léon Gloden**

1. Wat d'Zuele vun den Foussfesselen ugeet hei zu Lëtzebuerg, droen aktuell 15 Persounen eng elektronesch Foussfessel.

2. Den Untersuchungsriichter huet bis dato den Artikel 107, leschten Alinea vum Code de procédure pénale nach net applizéiert. Dësen Artikel erméiglecht dem Untersuchungsriichter eng Persoun, déi ënnert d'Obligatiounen vum Artikel 107, Alinea 2, Punkt 1, 2 an 3 fält, iwwert eng Foussfessel z'iwwerwaachen.

3. Zu Lëtzebuerg hunn insgesamt tëschent Januar 2015 an dem 1. Juni 2020, 209 veruerteelt Persounen vun där Moosnam profitéiert.

Hei eng Ventilatioun vun den Zuelen opgedeelt op déi verschidden Joeren :

2015	51
2016	47
2017	34
2018	34
2019	37
2020 bis den 1. Juni 2020	7

Vun deenen 209 Condamnéierten, kruten 108 dovunner eng "libération conditionnelle" accordéiert an 9 kruten eng "suspension de la peine". 92 Condamnéierten kruten d'integral Prisongsstrof duerch d'Foussfessel ersat.

Et hunn vun den 209 Condamnéierten, 146 dovunner vun där Moosnam an der Approche "front door" profitéiert an 63 an der Approche "back door", respektiv 47 Persounen vu Giveneg an 16 Persounen vum CPL.

Dës Moosnam gouf fir folgend Infraktiounen applizéiert:

Infraktiounen géint Drogen Gesetz	38
Infraktiounen géint den Code de la route	17
"Crimes et délits contre la foi publique"	27
Verbriechen an Delikter géint Persounen	55
Verbriechen an Delikter géint Propriétéiten	64
Aneres	8

Durée vun den Prisongsstrofen, déi fir dës Infraktiounen gesprach goufen, läit tëschent 3 an 36 Méint ("Front door") :

Zuel vun den Affairen	Durée vun der Strof
18	1 bis 6 Méint
36	6 Méint
23	9 Méint
47	12 Méint
27	2 Joer
9	3 Joer

16 Persounen, déi vun enger "back door" Moosnam profitéiert hunn, haten jeweils eng Prisongsstrof déi tëschent 4 a 15 Joer louch, mat oder ouni "sursis partiel". 3 Persounen, déi zu 15 Joer Prisong veruerteelt ginn sinn, kruten eng Foussfessel.

4. Keng vun deenen Persoun gouf wéinst haislecher Gewalt veruerteelt. Momentan gëtt d'Foussfessel nach net an deem Kader genotzt. Et sinn awer aktuell Gespréicher am gaangen fir an deem Sënn ze légiféréieren.

5. Wat den "front door" ugeet, sinn während der Periode 2015 bis Juni 2020, am ganzen 23 Decisiounen, déi d'Foussfessel accordéiert hunn, erëm revidéiert ginn :

5 mol am Fall vun der Toxicomanie;
 10 mol am Fall vun Verbriechen an Delikter géint Propriétéiten;
 4 mol am Fall vun Verbriechen an Delikter géint Persounen;
 3 mol am Fall vun enger "atteinte à la foi publique";
 1 mol am Fall vun enger Infraktioun géint den Code de la route.

Dës Moosnam gouf ni virun enger Condamnatioun revidéiert an et gouf och keng Moosnam revidéiert nodeems se als sozial Reintegratiounsmoosnam agesat gouf.

6. De Bilan deen een aus der "Legislatioun" vun der elektronescher Iwwerwaachung kann zéien ass e ganz positive Bilan. Dëst erlaabt dass Persounen vun dëser Moosnam kennen profitéieren entweder am Kader vum "front door" wann d'Prisongsstrof manner wéi 3 Joer ass. An deem Fall muss d'Persoun net an de Prisong goen. Et erlaabt awer och Persounen déi eng laang Prisongsstrof hunn, éischter kennen rauszekommen wann d'Konditiounen all erfëllt sinn.

7. Et ginn verschidden Méiglechkeeten fir entweder d'Statioun (Monitoring Station), oder "d'Auer" (tag) oder nach den Bracelet selwer (lap) ze manipuléieren. Et ass awer net ëmmer evident eraus ze fannen, op et sech ëm eng fräiwëlleg Manipulatioun handelt oder op Dysfonctionnement doduerch kennt dass d'Équipement veraltet ass oder falsch benotzt gëtt. Zum Beispill geet et dier, dass d'Persoun laang an engem Whirlpool läit fir dass esou en Dysfonctionnement optaucht.

Eng Manipulatioun kann och nach doduerch kommen, wann d’Persoun d’Statioun verréckelt oder Saachen drop tässelt an den Signal geet net méi duerch.

D’Persounen kréien vun Ufank un erkläert wat d’Konsequenz ass vun enger muttwëlleger Manipulatioun, déi d’Revidéieren vun dëser Moosnam ass.

Allgemeng ginn et wéineg muttwëlleg Manipulatiounen, et sinn der ongeféier zwee bis dréi d’Joer. Am Joer 2020, gouf bis elo nach keng Manipulatioun vun Equipement constatéiert. Et kount awer zu verschidden technesch Incident säit dem 1. Januar 2020:

Technesch Problemer déi net speziell definéiert goufen	3
Technesch Problemer déi identifizéiert goufen	1
Schued vum Bracelet/Kontroll vum Bracelet	7
Ersetzen vun der Batterie	1
Problem vum ganzen Dispositiv wéinst engem Problem mam Réseau vum Handy	1

D’nächst Joer leeft den aktuelle Marché public mat G4S of, dann gëtt deem Moment gekuckt wat fir eng nei Software een benotzen wäert an wat déi nei Innovatiounen um Marché an deem Domaine sinn.